Präsentatioun vum SICONA-Aktiounsprogramm fir 2021

De Joersprogramm fir 2021 ass nees esou ausgeluecht, dass deen vun den Ausgabe vun der Gemeng hier +/- identesch mat de leschte Joeren bleift, an mat **149‘500€** zu Buch schléit.

Well den Ëmweltministère Projete am Zesummenhang mat Biotopen subventionéiert, leit de reell an d’Ëmwelt investéierten Montant vill méi héich.

Wann en plus all déi vun Sicona fir 2021 proposéiert Projete realiséiert géife ginn, dat heescht: all dës nei Biotopen geschafe géife ginn, schwätze mir vun engem **Invest an d‘Ëmwelt vun bal 600’000€.** Ob déi virgesinn Biotopen awer elo dëst Joer ëmgesat ginn oder net, wäert Näischt um Budget vun der Gemeng änneren, well déi Käschten integral vum Ëmweltfong iwwerholl ginn.

Ech schwätzen hei vun deem Punkt „**création de biotopes sous réserve**“ vun 323‘000€. Sous réserve heescht, dass dës gréisser extraordinär Projete op Gemengenterrain eréischt wäerten realiséiert ginn, wann mir se als Kompensatiounsmoossname brauchen , oder se iwwert e Punkte-sammel-Katalog guttgeschriwwe kréien . Dat Gesetz ass jo an Ausaarbechtung.

- Et ass e grousse flotte Projet derbäi, laanscht de Rouerwee: d‘Schafen vun engem **groussen Dëmpel vun 45ares**, deen ganz wichteg fir d’Zuchvullen wier, wou se raschte kënnen, esouwuel op hirer Rees an de Süden ewéi beim Retour am Fréijoer. Ronderëm um Rescht vum 2,65ha groussen Terrain soll erëm eng moren, dréchener Méihwiss hiergestallt ginn.
- E weidere Projet ass net wäit ewech dovun ,laanscht d’Vëlospiste, d‘Restauréieren vun **2 Weieren am Kader vum Aktiounsplang Kammmolch** . Do mussen virdrun nach Weiden mat de Wuerzelen ewechgemat ginn.
- En 3.proposéierten Projet ass d‘**Restauréieren vun enger moerer Méihwiss**, (70ares beim Wäschbuer zu Uewerkäerjeng
- E puer 100m weider um Wee Richtung Héiweng leit den 4. Projet: d‘**Vergréisseren vun engem Bongert (+12 Beem)** “auf den Dachslöcher”

Wéi gesot, e lauter flott Projete, déi an der Waardeschlaang hänken.

De gréisste Posten deen all Joer ufällt ass deen fir den **Ënnerhalt vun bestoende Biotopen** : (180‘569€)

- **den Dëmpelen** (mares) an den
- **Bongerten mat hiren Clôturen.**
- **Moer- ,Fiichtwisse an déi ecologesch Streifen ginn geméint an**
- **Hecken ginn** geschnidden,

Vun dësen Ënnerhaltskäschten bleiwen eppes méi ewéi 1/3 fir de Gemengebudget.

Bei de Bongerten leet de Ministère 75% bei, 90% bei all Aarbechten an den Natura-2000-zonen (ewéi ronderëm d’Boufferdanger Mouer an d’Griechten) an 50% fir Aarbechten ausserhalb vun der Natura-2000-zone.

Den zweetgréisste Posten ass fir **Informatiouns a Sensibilisatioun** (54‘000€)

- **Erstellen an Entretien vun Informatiounspanneauen**
- **Ecologesch Kannernometteger (21), déi reegelméisseg Samschdes ugebuede ginn**
- **De Suivi vum Projet Natur genéissen an eise Structures d’Accueils; op der enger Säit Formatiounen an reegelméisseg Kontrollen vun der Kichen, fir ze gesinn op de Cahier de charge agehalen gëtt, an op der anerer Säit Verhandlungen mat de Baueren an och Ënnerstëtzung vun dësen, eise lokalen Produzenten**
- **Aktioun Päiperlek wou Stauden** un eis Bierger verdeelt ginn

Nieft de Päiperleken, déi duerch d’Uplanze vun bléiende Stauden erëm Liewensraum kréien, ginn och Aktiounen ënnerholl fir aner **bedroten Déieren ze hëllefen**, zB duerch d’Ophänken vun Nistkëschten fir de Steekauz, oder Schafen vun Nistméiglechkeeten fir Schmuebelen, Mauerseegler a Schleiereil (z.B. an der Scheier vu Baueren)

Et sinn och Sue virgesinn fir de **Monitoring** vun interessante Flächen a fir **Gestiounspläng** nozekucken. Och bedeelege mir eis un enger Etüd iwwer Schmuebelen.

Aktiounen am Kader vu PNPN2 (2.pl.nat concern.protect.nature) = Création vun Biotopes ,hei op Privatterraine, déi elo zu 100% **direkt** subventionéiert ginn, d.h.: Dës Käschten lafen och net méi iwwert d’Gemeng, mä ginn direkt **aus dem Ëmweltfong** bezuelt.

Op Privatterraine sinn fir 2021 geplangt:

- **Schafen vun 3 ecolog.Randsträifen** mat Hecken an engem Uebstbam (Hieweléck)
- Restauréirung vun enger **morer Méihwiss 21 ares (**vir Pärchen)

Dëst ass alles wat am Aktiounsplang vun Sicona fir 2021 virgesinn ass a wat mir zesummen sollen approuvéieren.